N°43
Entrée le 27.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.11.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Israel hat dëst Joer kee Stand um Bazar international. Als Grond, firwat si kee Stand haten, gëtt de Responsabelen fir den israelesche Stand un, dass si, opgrond vun dem bewaffnete Konflikt an der aktuell ugespanter Situatioun, ze grouss Sécherheetsbedenken haten. De Responsabelen fir den israelesche Stand sot weider, dass si ee Bréif un d'Police geschéckt haten, an deem si froen, ob d'Police mat Beamten bannen am Gebai kéinten Präsenz weisen. Op hire Bréif hätten si awer keng Äntwert kritt, soudass si d'Entscheedung hu missten huelen, fir dëst Joer net matzemaachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, dass esou e Bréif bei der Police agaangen ass?
2. Falls jo, kann de Minister soen, firwat et vu Säite vun der Police keng Äntwert op dee Bréif gouf?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 43 vum honorabelen Députéierte Marc Goergen zum Sujet „Bazar international"**

**Froen 1 an 2**

Weder op der Direction Générale, nach an der Direction des Opérations oder op der Direction de la Région Capitale ass e Bréif vum Responsabele fir den israeelesche Stand um Bazar bekannt.

D'Police hat awer Kontakt iwwer E-Mail an Telefon mat den Organisateuren. Am Kader vun der Visitt vum israeeleschen Ambassadeur um Bazar International, huet d'Police den Organisateure vum Bazar International geroden, fir zousätzlech zum erhéichten Dispositif vun der Police, och selwer weider Sécherheetsmoossnamen ze huelen, déi ënnert d'Responsabilitéit vum Organisateur falen.

Lëtzebuerg, den 27.12.2023.
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden